PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 09/02/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Mobilitéit & Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.

Am Joer 2013 gouf an der Rue Principale zu Wuermer ee Sens unique agefouert, well zu Gréiwemaacher eng nei Bréck gebaut gouf. Nom Bau vun der Bréck gouf d'Einbahnstrooss bäibehalen. D'Rue Principale gëtt vu villen däitsche Pendler als Duerchgangsstrooss fir an d'Stad benotzt. Verschidden Awunner beschwéieren sech, dass de Sens unique d'Verkéierssituatioun am Zentrum vu Wuermer zousätzlech belaascht an hier Liewensqualitéit degradéiert, well d'Autoen am Krees duerch d'Duerf fueren.

Ee Kollektiv vun Awunner zu Wuermer huet d'Iddi opbruecht, fir een Tunnel ze schafen, dee vu Wuermer bis op d'Tréierer Autobunn (A1) féiere géif an deemno d'Rue Principale, mee och d'Ëmgoungsstroossen déi vu Wuermer duerch aner Uertschaften an d'Stad féieren, entlaaschte soll.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi gesäit de Minister d'Iddi, fir mat engem Tunnel, deen op d'A1 féiere géif, d'Verkéiersopkommes op dëse Stroossen an dëser Regioun z'entlaaschten?

2. Besëtzt de Verkéiersministère Donnéeën zum Verkéiersopkommes an der Rue Principale, op der Route du Vin souwéi an der Rue de Dreiborn zu Wuermer?
   Falls jo, wéi vill Gefierer fueren am Duerchschnëtt wärend engem Schaffdag duerch d'Rue Principale, wéi vill duerch d'Route du Vin a wéi vill duerch d'Rue de Dreiborn?

3. Wéi een Impakt huet d'Aféiere vun engem Sens unique an der Uertschaft Wuermer a punkto Verkéiersopkommes a Loftqualitéit wärend de Spëtzenzäiten? Wat sinn d'Erfarungswäerter op anere Platzen am Land, wou ee Sens unique agefouert gouf an déi vergläichbar si mat der Situatioun zu Wuermer? Gesäit de Mobilitéitsministere d'Einbahnstrooss zu Wuermer als sënnvoll un?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député